

Weltmeeschterschaft fir Natiounen zu Aragon a Spuenien

Schlussbericht vum Sekretär Fernand Schmitt vum 10.09.2023

Salut un lech all doheem.

WM 2023 zu Mequinenza/Fayon hei an Spuenien ass gefësch. D' Resultater hutt der warscheinlech schonns matkritt. Mir sinn déi 14te ginn, hunn eis also em 3 Plätzen verbessert.



Fazit: gutt Stëmmung, schéin Fëscherei, strapazesch, waarm, jo et war eng richtig Ustrengung.

Eenzeg aleng déi zwee Secteuren zu Mequinenza wor's de mat der Déift bei duerchschnëttlechen 1,80 meter ëmmer gutt mat déngem Monturen. Déi aner 3 Secteuren, jo super, Monturen vun 4-11 Meter, déi sinn all drop gaangen. Also Aarbecht war ugesot, an jiddereen hat déi ganz Woch iwver genuch ze bricoléieren.

An kuerzen Wieder. Ech als alen Hues sinn houfreg iwver Leit déi ganz Woch iwver hiren Asätz gelescht hunn. Et war sécherlech eng vun der schéinster WM déi ech perséinlech matgemaach hunn.

An domat hunn ech mäin Entschloss geholl dass der mir nach laang net lass sidd.

Lescht Wuert, Bitte déi jonk Fëscher déi mer doheem hunn, kommt an engagéiert lech. Et ginn schéin Platzen hei an Europa wou een wonnerschéin Fëschereien maachen kennt. Firwat soen ech dat, et ass ganz einfach. Mir ginn all net méi jonk an ech géif mengen dass déi mei Eeler an der Equipe hiren Pensum des Woch erreicht hunn.

En groussen Bericht kennt dann nächst Woch ob den Site vum Kirchbiereg an der FLPS an och nächsten Mount an den Fëscher an Jeeër.
Ech soen mengen Leit hei an Spuenien een groussen MERCI.

Adios bis dann nächst Woch beim Waasser.

